PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

No enger Testphas vu 4 Joer wäert Enn 2019 den *Dossier de soins partagé* (DSP) duerch d'Agence eSanté generaliséiert ginn.

D'Ëmstellung vum Dossier geschitt iwwert de sougenannten opt-in. Dat heescht, dass an enger éischter Phase automatesch all déi Persounen, déi bei der CNS verséchert sinn, an den neie System ageliddert ginn. Déi Leit, déi keen DSP wëllen, musse selwer d'Demarchen ënnerhuelen, fir dësen zouzemaachen.

Fir de Patienten de Choix ze loossen, ob fir si en DSP sollt ugeluecht ginn oder net, revendiquéiere verschidden Organisatiounen aktuell, dass eng opt-out-Prozedur virzezéie wier. Dann géifen nämlech just déi Persounen en DSP kréien, déi explizit een ufroen, wärend sech fir all déi aner Léit näischt ännere géif.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung een ageschriwwene Bréif un all d'Patienten erauszeschécken, fir hinnen d'Prozedur vum opt-in ze erklären?
   Falls net: Wéi wäerten d'Ministere sécherstellen, dass déi Concernéiert iwwert d'Erstellung vun hirem DSP Bescheed wëssen?

2. Wäerten déi zoustänneg Ministere mat der Aféierung vum generaliséierten DSP waarden, bis all déi Concernéiert d'Informatioun, dass hiren DSP erstallt gouf, kritt hunn?

3. Wéi wäert d'Procédure de recours ausgesinn, fir d'Persounen, déi hiren DSP zou maache wëllen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député